LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7046 vum 24. Oktober 2022 vum Här Deputéierte Jeff Engelen.**

A senger parlamentaresch Fro stellt den honorabelen Deputéierte sech Froen iwwert d'Aféiere vun Éischt Hëllef Coursen am Kader vun der Führerschäinsausbildung.

An dësem Zesummenhang erlaben ech mir fir op meng Äntwert op déi parlamentaresch Fro n° 1998 vum 11 Mäerz 2020 ze verweisen.

Et ass elo awer esou, datt déi Europäesch Kommissioun ugekënnegt huet fir déi europäesch Führerschäinsdirective (2006/126) wëllen ze iwwerschaffen. Am Kader vun dësen Aarbechte wäerten och eng ganz Rei Ännerunge wat d'Führerschäinsausbildung kommen, z.B. fir den Entwécklungen am Automobilsberäich Rechnung ze droen. Dës Aarbechten sollten eigentlech schonn ofgeschloss sinn, mee och hei koum et duerch d'Pandemie zu Retarden. D'Kommissioun huet den neien Text elo fir 2023 ugekënnegt.

Well am Kader vun der Transpositioun vun dëser Directive d'Führerschäinsausbildung hei zu Lëtzebuerg wäert mussen ugepasst ginn, wäerten och dann an deem Kontext d'Gespréicher lafe fir eng eventuell Eischt Hëllef Ausbildung am Kader vum Führerschäin. Et ass deemno elo nach ze fréi fir kënnen ze soen ob dat méiglech wier a wéi déi genee kéint ausgesinn.

Lëtzebuerg, de 24. November 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch